N° 6626
Entrée le 08.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.08.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

An engem Artikel op rtl.lu vum 27te Juli 2022 heescht et:

> *"D'Déiereschutzgesetz vun 2018 wier gutt, mä et géing net ëmgesat ginn, soen d'Vertrieder vun diversen Déiereschutzorganisatiounen."*

Rieds geet an dësem Reportage vun iwwerfélltenen Déierenasyler ronderëm d'Land: et feelt entweder u Plazen an den Opfangstatiounen oder jee no Regioun fënnt een iwwerhaapt keng Opfangstatioun oder een Déierenasyl. Et gëtt och doriwwer bericht, dass d'Situatioun vun de Sträiner-Kazen sech net verbessert hätt: ëmmer nach si vill Kazen net steriliséiert, esou wéi dat och scho virum Déiereschutzgesetz de Fall war an d'Déierenasyler kommen dowéinst dem héijen Zoulaf net méi no.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi wäert de Minister de Bedierfnisser vun den Déiereschutzorganisatiounen entgéint kommen an ass de Minister bereet, dofir déi néideg Suen an de Grapp ze huelen, fir d'Situatioun vun den Hausdéieren am Land ze verbesseren?


2. Wien als Bierger an een Déierenasyl urifft, dee kritt heiansdo nëmmen den Anrufbeantworter op den Telefon. D'Déierenasyler sinn och net 24/7 op, sou dass d'Leit heiansdo mat verletze Wëlldéieren virun enger eideler Opfangstatioun stinn. Ass de Minister bereet, hei d'Suen an de Grapp ze huelen, fir dass plazeweis Déierenasyler an Opfangstatiounen 24/7 kënnen operationell sinn?

3. Mat wéi vill Euro ginn d'Déierenasyler (opgelëscht no Asyl) aktuell subventionéiert? Wéi huet sech dëse Montant zënter 2017 entwéckelt (opgelëscht pro Joer)?

4. A verschiddene parlamentaresche Froen hat ech nogefrot, firwat zu Lëtzebuerg keng permanent Opfangstatioune fir Notzdéieren existéieren. An der Äntwert op d'Fro 6330 erkläert de Landwirtschaftsminister, dass "*eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze halen en zimmlech groussen Opwand*" wier. Wéi een "Opwand" wier d'Regierung

bereet ze maachen, fir esou Opfaangstrukturen opzeriichten?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6626 vun dem éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen**

1. **Wéi wäert de Minister de Bedierfnisser vun den Déiereschutzorganisatiounen entgéint kommen, an ass de Minister bereet, dofir déi néideg Suen an de Grapp ze huelen, fir d'Situatioun vun den Hausdéieren am Land ze verbesseren?**

   Den Art. 6 (3) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 erméiglecht et den Déiereschutzorganisatiounen, een Agrément fir hier Aktivitéiten unzefroen. An deem Kader kënnen si dann och eng Demande fir Subventioune stellen, fir vum Landwirtschaftsministère finanziell ënnerstëtzt ze ginn.

2. **Wien als Bierger an een Déierenasyl urifft, dee kritt heiansdo nëmmen den Anrufbeantworter op den Telefon. D'Déierenasyler sinn och net 24/7 op, sou dass d'Leit heiansdo mat verletze Wëlldéiere virun enger eideler Opfangstatioun stinn. Ass de Minister bereet, hei d'Suen an de Grapp ze huelen, fir dass plazeweis Déierenasyler an Opfangstatioune 24/7 kënnen operationell sinn?**

   D'Déierenasyler gi vun deene jeeweilegen zoustännegen Organisatioune geréiert, déi och d'Ëffnungszäite bestëmmen. Verletzte Wëlldéieren gi vum Centre de soins pour la faune sauvage vun Diddeleng opgeholl. Seit 2018 ginn et 4 Drop-off-Statiounen am Land, wou 24/7 Wëlldéiere di Fleeg brauchen kënnen ofgi ginn, sou datt no deenen Déiere gekuckt ka ginn. Sou gutt d'Déierenasyler wéi och de Centre de soins de la faune sauvage (CDS) zu Diddeleng kënnen eng Demande beim Ministère maachen, fir finanziell ënnerstëtzt ze ginn, wat och geschitt.

3. **Mat wéi vill Euro ginn d'Déierenasyler (opgeläscht no Asyl) aktuell subventionéiert?**
   **Wéi huet sech dëse Montant zënter 2017 entwéckelt?**

| | Bezuelte Montanten | | | | | Bezuelte/geplangte Montanten | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Déierestatiounen** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **Total 2017 - 2022** | **Remark** |
| Déierenasyl Gaasperech | 15 000,00€ | 15 000,00€ | 15 000,00€ | 15 000,00€ | 15 000,00€ | 15 000,00€ | **90 000,00€** | |
| Déierenasyl Esch | - € | 5 000,00€ | 500,00€ | - € | 14 971,00€ | 700,00€ | **21 171,00€** | |
| Wëlldéierstatioun Diddeleng | 10 000,00€ | 17 000,00€ | 19 000,00€ | 99 000,00€ | 111 415,32€ | 134 700,00€ | **391 115,32€** | E Subside fir d'Adaptatioun vun den Infrastrukturen vun der Wëlldéierstatioun ass fir d'Joren 2023 - 2024 ugefrot a muss nach gestëmmt ginn. En totale Montant vun 191.850 € ass dofir geplangt. |
| Déierenasyl Diddeleng | - € | - € | - € | - € | - € | - € | **- €** | E Subside fir den Ausbau vum Diddelenger Déierenasyl ass fir d'Joren 2023 - 2024 ugefrot a muss nach gestëmmt ginn. En totale Montant vun 1.350.000 € ass dofir geplangt. |
| Déierenasyl Schëffleng | - € | - € | - € | - € | - € | 237 000,00€ | **237 000,00€** | E Subside fir de Neibau vum Schëfflenger Déierenasyl ass accordéiert ginn. En totale Montant vun 712.000 € ass dofir gestëmmt ginn, verdeelt op d'Joren 2022 bis 2024. |
| **Total** | **25 000,00€** | **37 000,00€** | **34 500,00€** | **114 000,00€** | **141 386,32€** | **387 400,00€** | **739 286,32€** | |

Des Tabell stellt Subventiounen duerch de MAVDR duer.

De MECDD ënnerstëtzt säit ville Joren di alldeeglech Aarbecht vum *Centre de soins pour la faune sauvage* zu Diddeleng, konform zum Naturschutzgesetz, mam Zil Wëlldéiere rëm zeréck an d'Natur ze entloossen.

Hei di finanziell Ënnersëtzung di de CDS iwwer eng Konventioun vun 2017-2022 kritt huet:

| | |
|---|---|
| Bezuelten Montant 2017 | 40.995 € |
| Bezuelten Montant 2018 | 108.058 € |
| Bezuelten Montant 2019 | 108.058 € |
| Bezuelten Montant 2020 | 210.000 € |
| Bezuelten Montant 2021 | 210.000 € |
| Geplangten Montant 2022 | 253.575 € |
| **TOTAL** | **930.686 €** |

Di finanziell Ënnerstëtzung ass iwwer di letzt Jore substantiell ugepasst gi fir der geklommener Unzuel un Déieren di vum CDS en charge geholl gi gerecht ze ginn.

Zousätzlech ginn di lafend Aarbechte fir de CDS ze vergréisseren an ze moderniséiere mat engem maximale Gesamtmontant vun 1.250.000€ subventionéiert.

D'Asyler, wie och de CDS, sinn trotzdeem weiderhin ugewisen op Spenden a Benevoller.

4. **A verschiddene parlamentaresche Froen hat ech nogefrot, firwat zu Lëtzebuerg keng permanent Opfangstatioune fir Notzdéieren existéieren. An der Äntwert op d'Fro 6330 erkläert de Landwirtschaftsminister, dass „eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze halen en zimmlech groussen Opwand" wier. Wéi een „Opwand" wier d'Regierung bereet ze maachen, fir esou Opfaangstrukturen opzeriichten?**

Transporter mat Notzdéieren, déi d'Urgence mussen ofgeluede ginn, oder Saisie vu Notzdéiere wéinst Net-anhale vun de Konditiounen vun der Déiereschutzgesetzgebung kommen net all Dag respektiv net sou heefeg vir, sou datt eng Opfaangstruktur zu deem Zweck ee groussen Opwand wier, ouni datt se vill gebraucht géif ginn.

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN